# ERKLÄRUNGEN ZU DE SYMBOLER OP DE SCHIFERPLACKEN



| Symbol | Erklärung | Symbol | Erklärung |
|---|---|---|---|
| | Ultraschall | 80 | max. Vitesse beim Lafen |
| 360° | Aen oder Oueren kënne sech bal ganz ronderëm dréinen | | nuechtaktiv dämmerungsaktiv |
| 400 x | Verstäerkte Gerochssënn par Rapport zum Mënsch | bis 30 kg | Gewiicht |
| 80 cm | Gréisst | | Vegetarier |
| max 2 m | max. Héicht beim Sprangen | | Fleeschfriesser |
| bis 5 m | max. Distanz beim Sprangen | | Insektefriesser |

# ERKLÄRUNGEN ZU DEN ZEECHEN OP DE KAARTEN

- liicht
- ulala...scho bessi méi schwéier
- **wow!** Dat ass richteg ustrengend
- Versteck mat Hiweis
- Erklärungen zum Wee
- Richtung vun der Safari
- Start & Enn vun der Safari
- Kuckenswäert
- Rollstull- / Kutschegerecht



# SAFARI AM WËLLE WESTEN

## LÉIF ELTEREN

Zesumme mat äre Kanner entdeckt Dir déi schéinsten Tréppelweeër aus eiser Regioun a gitt villes iwwert eis Mamendéiere gewuer. Esou hoffe mir d'Kanner vu klengem u fir Natur an Ëmweltschutz ze begeeschteren. Déi meescht Tier sinn **nitt ausgeschëldert**, dofir braucht Dir dës Broschür an déi eenzel kannerfrëndlech Kaarte mat Instruktiounen, déi Dir via **klima.lu/safari** eroflueden a printe kënnt.

Am Facebook-Grupp „Safari am Wëlle Westen" si reegelméisseg Informatiounen iwwer Ännerungen, Upassungen a News, respektiv kënnt Dir eis do och ganz gäre matdeelen, wann ënnerwee eppes nitt klappt oder futti gaangen ass. Weder de Propriétaire vum Terrain iwwert deen Dir trëppelt, nach d'Gemengen oder de Syndikat vum Kanton Réiden sinn haftbar am Fall wou Iech ënnerwee eppes zoustéisst. Dir gidd op Är eege Verantwortung. Verschidden Tier ginn och duerch privat Bëscher. Hei ass et ëm sou méi wichteg, dass Dir ëmmer op de Weeër oder Bëschpade bleift an näischt hannerloosst. Mir soen Iech villmools Merci, dass Dir dëst respektéiert.

### TIPP

Fir all Safari-Mamendéier ass op **klima.lu/safari** eng Déieren-Infokaart (Administration de la Nature et des Forêts). Dës hëllefen de Kanner d'Hiweiser besser ze verstoen an esou d'Déiere besser ze fannen.

Mir wënschen Iech wonnerbar Momenter mat äre Kanner an der schéiner Natur vu eisem Wëlle Westen.

## HALLO DU SAFARI-ABENTEURER!

### DU GEES MAT OP SAFARI ? MEGA !!!

Hei e puer Tipps fir gutt virbereet ze sinn: Op all Tour verstoppt sech ee wëllt Déier. Awer wéi eent??? Dat muss du erausfannen! Deng Aufgab ass et fir der Kaart nozegoen a verstoppten Hiweiser ze fannen, déi op 4 Schiferplacken gemolt sinn. Dës Hiweiser muss du ALL an däi Bichelchen ofmolen an um Enn de Numm vun dem „Mamendéier" opschreiwen. Puuuh...Traus du Dir dat zou? Ma da lass. Fir all dës grouss Abenteuer ze meeschteren, brauchs du:

- dëst Bichelchen
- déi passend Wee-Instruktiounen (klima.lu/safari)
- ee Bläistëft
- fest Schong
- ee Sonnenhutt
- eng Waasserfläsch
- eng laang Box géint Bëschzecken a Brennesselen
- schaarf Aen
- a zolidd Muckien an de Been!

Nëmme wien 15 Tier packt, ass offiziellen an diploméierten Survivor vun der Safari am Wëlle Westen! Du muss déi ausgefëllte läscht Säit vum Bichelche verschécken un:

Tourist Info Atert-Wark 1, Millenhaff L-8706 Useldeng
Den Diplom kriss du heemgeschéckt. A lass! Vill Gléck...a Courage. Du packs dat!

## SAFARI-REEGELEN

1. Ech si Gaascht am Bësch dofir huelen ech Récksiicht op d'Déieren an d'Planzen a bleiwen op de Weeër fir se nitt ze stéieren.
2. Ech si kee Spillverdierwer, loossen d'Hiweiser (Schiferplacken) op hirer Plaz an huelen och keng mat.
3. Ech si schlau a maache kee Kaméidi op enger Safari. Da kann ech villäicht Déieren erblécksen.
4. Ech geheie kee Knascht an de Bësch, och keen Toilettepabeier oder Nuesschnappecher.
5. Wann ech op Feldweeër ënnerwee sinn, respektéieren ech di aner Notzer (Trakteren, Vélosfuerer,...).
6. Ech si frëndlech mat all aner Persoun, déi ech ënnerwee begéinen.

